EWÉI D'FLAMINGOE FRIESSEN

Flamingoe friessen haaptsächlech Algen a kleng Kriibsen, déi si aus dem Waasser erausfilteren. D'Waasser gëtt vir an de Schniewel eragesaugt a säitlech erëm erausgepresst. D'Kriibsen an d'Alge bleiwen am Schniewel hänken a ginn ofgeschléckt.

An de Kriibsen an an den Algen ass de Faarfstoff Karotin. Dëse Faarfstoff huelen d'Flamingoe mat hirem Friessen op an e gëtt an de Plomme gelagert. Doduerch hunn d' Flamingoen hir typesch Faarf.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.